



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, vum Finanzminister, Gilles Roth, a vun der delegierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n°1343 vum 10. Oktober 2024 vun den éierbaren Deputéierten Liz Braz a Ben Polidori betreffend Phishing a Spoofing

Et ass an dësem Kontext wichteg drop hinzewiesen, dass zanter Jore kontinuéierlech an d'Cybersécherheet investéiert an tëschent de verschiddenen Instanzen zesumme geschafft gëtt, wéi dat zum Beispill an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen 99 vum 13. Dezember 2023, 7703 vum 3. Mäerz 2023 an 8377 vum 10. Oktober 2023 duergeluecht gouf.

Un d'Konsumenten ass et den Appell, allgemeng virsiichteg ze sinn, bei allen Online-Aktivitéiten, a sech ze informéieren, zum Beispill iwwert d'Helpline vu Bee-secure (www.bee-secure.lu) oder um Cybersécherheits-Portal (www.cybersecurity.lu).

Den ëffentleche Cybersécherheits-Ekosystem huet 2021 den Anti-Spam an Anti-Phishing-Outil SPAMBEE erausbruecht (<https://www.bee-secure.lu/fr/tool/outil-anti-spam-et-anti-phishing/>). SPAMBEE ass en Outil mat deem verdächtig E-Mailen einfach un Experte weidergeleet kënne ginn, fir eng vollstänneg Diagnos ze maachen. All Analys vun engem suspekten E-Mail speist eng Datebank vun Ofsender, déi gespaart solle ginn. Op dës Lëscht kann all SPAMBEE-Benotzer zougräifen. Esou gëtt den Anti-Spam Filter mat Hëllef vun alle Benotzer verbessert. SPAMBEE ass e Plug-in, deem op de meeschte Browseren an E-Mail-Clients kann installéiert ginn. Wann en installéiert ass, kann ee mat engem Klick verdächtig E-Mailen un Experte weiderleeden, déi d'Daten analyséieren an et kann een och wielen, ob een de Rapport vun der Analys wëll kréien.

Detailer zu de gesetzlechen Obligatioune fir Banken, wéi och zu der Entwécklung vum gesetzleche Kader op nationalem an EU-Niveau, kënnen an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 315 vum 9. Februar 2024 nogelies ginn.

Telekommunikatiounsbedreiwer mussen, laut dem Artikel 42 vum Gesetz vum 17. Dezember 2021 iwwer elektronesch Kommunikatiounsnetzwerker a Servicer, adäquat technesch an organisatoresch Moosnamen huele fir d'Gestioun vun der Netzsécherheet. Dës Moosnamen mussen e Sécherheitsniveau garantéieren, deem dem Risiko ugepasst ass. Fir den Artikel 42 ëmzesetzen, huet den ILR d'Autoritéit, bindend Uweisungen ze gi fir e Sécherheitsvirfall ze behiewen oder ze verhënneren.

De gesetzleche Kader zu der Netzsécherheet gëtt deemnächst duerch d'Ëmsetzung vun der NIS2 Direktiv un déi nei Erausforderungen ugepasst.

Lëtzebuerg, den 13. November 2024

De Minister fir Wirtschaft, PME,
Energie an Tourismus

(s.) Lex Delles